adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 FEV. 2018
3619

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

D'Problemer ronderëm de Militärfliger A400M gi weider. Et ass gewosst, datt Lëtzebuerg och esou e Fliger bestallt huet.

Fachzäitschréfte mellen, datt Airbus e "Schema" ausgeschafft hätt, fir mat de Clienten – also och mat Lëtzebuerg – en Akkord ze fannen. Dowéinst wär et och e Méindeg, de 5. Februar, zu London zu enger Reunioun komm.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir Verdeedegung dës Froe stellen:

1) *War Lëtzebuerg op der Reunioun zu London vertrueden? Wa jo, mat wéi engem Verhandlungszil? Wa neen, wisou net?*
2) *Wéi eng finanziell Konsequenzen huet de "schéma d'accord" op Lëtzebuerg? Gëtt de Fliger doduerch méi deier?*
3) *Kann den Här Minister de Präis, dee Lëtzebuerg muss fir den A400M an der aktueller Konfiguratioun bezuelen, inklusiv der TVA, matdeelen?*
4) *Beim Akkord goufen nei Termäiner fir d'Ausliwwerung vum Fliger verhandelt. Gëtt et elo en definitiven Termäin, wéini dësen A400M u Lëtzebuerg geliwwert gëtt?*
5) *Et si schonns eng Rei Militär fir den Asaz op dësem Fliger ausgebilt ginn. Wéi eng Missiounen erfëllen dës Leit aktuell? Huet d'Verspéidung vun der Ausliwwerung Konsequenze fir dës Persounen?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten